

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Ethylenoxid ass e gëftege Stoff, dee méiglecherweis kribserregend ass. An der EU ass Ethylenoxid a Liewensméttel zënter 30 Joer verbueden. Elo ass et awer esou datt bei der Produktioun vu verschiddene Covid-Schnelltester, grad wéi och PCR-Tester, Teststäbecher mat Ethylenoxid traitéiert ginn.

Duerfir géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi héich ass hei zu Lëtzebuerg den Undeel vun Tester déi mat Ethylenoxid traitéiert goufen?
- 2) Aus wéi enge Länner kommen dës Tester déi hei zu Lëtzebuerg benotzt ginn?
- 3) Ginn dës Tester op Spuere vun Ethylenoxid ënnersicht?
- 4) Gëtt et zu där Problematik en Avis vun der Santé?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten